

Lëtzebuerg, de 26. Januar 2021

Fuerderungen zu FFP2-Masken, zur Formation continue an zum Aarbechtsmaterial

FFP2-Masken

Fir d'Enseignanten, déi trotz weiderhi ganz héijen Inzidenzwäerter Dag fir Dag stonnelaang a gréisstendeels volle Klassenäll stinn, besser géint Ustieche mam geféierleche Virus ze schützen, huet den Educatiounsminister kierzlech ugekënnegt, all d'Enseignante mat FFP2-Maske wëllen z'equipéieren. Dës Ukënnegung gouf bis ewell awer nëmmen hallefhäerzeg ëmgesat. **Esou** mussen d'Lycéeën nämlech selwer hir FFP2-Maske bestellen an déi och nach vun hirem reguläre Fonctionnementsbudget bezuelen. Dee Moment kritt een also jee no Schoul, an där ee schafft, als Enseignant eng ënnerschiddlech Unzuel u gratis Masken zur Verfügung gestallt. Däerf de Schutz vun den Enseignanten den Educatiounsministère näischt kaschten?

- De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement fuerdert, d'Schoule mat esou vill FFP2-Masken ze beliwweren, dass jidder Enseignant déi fir Schoul ze halen noutwendeg Unzuel FFP2-Masken zur Verfügung gestallt kritt. D'Käschte fir dës Schutzmaske sollen net vun der Schoul selwer musse gedroe ginn, mee direkt vum Educatiounsministère!

Urechnung vu 16 Stonne Formation continue

Duerch den Ausbroch vun der Pandemie huet d'lescht Joer am Mäerz misste ganz kuerzfristeg vu regulärem Präsenzunterricht op kompletten Homeschooling ëmgestallt ginn. Fir all déi Bedeelegt war dëst onbestritten eng riseg Erausforderung. Innerhalb ganz kuerzer Zäit hunn d'Enseignanten sech missten an digital Outilen eraschaffen, déi si zwar deelweis och scho virum Lockdown punktuell als Ënnerstëtzung am Unterricht agesat haten, awer ganz kloer net an deem Ausmooss ewéi et duerch d'Fermeture vun de Schoulen op eemol noutwendeg gouf.

E groussen Deel vum Wëssen a Kënnen am Ëmgang mat deene Programmer an Applikatiounen hunn d'Enseignanten sech autonom ugëeegent, an zwar ausserhalb vun hire Schoulstonnen. Dëse groussen Effort huet den Educatiounsminister Claude Meisch an engem rezente Radio-Interview och als *"formidabel Formation continue"* fir d'Enseignante während dem leschte Fréijoer esouguer gewierdegt.

- Fir där ganz zäitintensiver "Autoformatioun" Rechnung ze droen, fuerdert de Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP, dass jidder Enseignant op mannst 16 Stonne Formation continue op sengem Formatiounskont ugerechent kritt!

Steierlech Ofsetzbarkeet vun Arbechtsmaterial

Och scho virun der Pandemie war et fir d'Enseignanten üblech, am Géigesaz zu allen aneren Agenten an der Fonction publique, hire private Computer, Laptop an Tablet quasi dagdeeglech fir hir Aarbecht ze benotzen. Trotzdeem gëtt awer den Enseignanten zanter iwver 10 Joer an deenen allermeeschte Fäll vun hirem jeeweilege Steierbüro refuséiert, d'Käschte vum Kaf vun elektroneschem Aarbechtsmaterial steierlech ofzesetzen. Sait dem Ausbroch vun der Pandemie huet d'Ausmooss vum Notze vu private Geräter am Interessi vun der öffentlecher Schoul nach eng Kéier zolidd zougeholl, net zulescht wéinst Liwwerenkpäss vun digitale Supporten un d'Lycéeën nom onerwaarte Lockdown am Mäerz 2020.

- De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP fuerdert dofir, dass d'Enseignanten an Zukunft a reegelméissegem Zäitofstänn de Kaf vun elektroneschem Aarbechtsmaterial ewéi Computer, Laptop an Tablet solle kënnen integral vun de Steieren ofsetzen!